N°2898
Entrée le 18.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.09.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2344 betreffend d'Publicitéit vun der SNHBM op enger belscher Radio, hutt de Minister erkläert, datt d'Zil wier, "d'gesamt Populatioun ze erreechen och Mënschen, déi an d'Ausland geplënnert sinn oder all Dag heihinner schaffe kommen."

Als Begrënnung fir d'Wiel vum belsche Radiosender Vivacité/Classic 21 hutt de Minister uginn, datt dëst op der "direkter geographescher Noperschaft, nämlech der Belsch, déi e bedeitende Prozentsaz vu Grenzgänger huet" baséiert. Dës Argumentatioun weist awer eng evident Inkohärenz op.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°2344 schreift de Minister: "Déi ausgewielte Kommunikatiounskanäler baséieren op der direkter geographescher Noperschaft, nämlech der Belsch, déi e bedeitende Prozentsaz vu Grenzgänger huet." Gläichzäiteg schreift de Minister, dass zu der Zilgrupp vun der Reklamm "Awunner vu Lëtzebuerg, mä och Grenzgänger, déi zu Lëtzebuerg schaffen, oder fréier lëtzebuerger Awunner" géife gehéieren.

   Ass de Minister net der Meenung, dass et trotz der geografescher Noperschaft zu der Belsch eigentlech inkohärent ass, fir dës Reklamm just op engem belsche Radiosender schalten ze loossen, wa spezifesch och fréier Lëtzebuerger Awunner zur Zilgrupp gehéieren? Dëst och virun Hannergrond, dass all Joer vill Lëtzebuerger a Frankräich oder an Däitschland plënnere, well se hei keng bezuelbar Wunnenge fannen.

2. Huet de Minister Zuelen doriwwer, wéi vill vun de bis elo am Kader vum Projet Elmen verkaaften

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Immobilien u Lëtzebuerger Residenten, wéi vill u Residenten aus dem Ausland respektiv u fréier Lëtzebuerger Awunner verkaaft gi sinn? Dëst ebe besonnesch och virum Hannergrond, dass mat den aktuelle Reklamme jo och fréier Lëtzebuerger Awunner sollen ugeschwat ginn.

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten